DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, de 5. Mäerz 2021

Monsieur Fernand ETGEN
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„D'Nationalarchiv wäert 2024 an e ganz modernt Gebai op Esch/Belval plënneren. Domat wäerten d'Raimlechkeeten am Kasäregebai vun der fréierer Festung Lëtzebuerg fräi ginn.*

*An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte stellen:*

1. *Gëtt et een neie Projet ronderëm dëst historescht Gebai? Wa jo, lafen do scho konkret Planungen? Wat wier also déi eventuell nei Destinatioun fir dëst Gebai? Soll et villäicht an den Déngscht vun der Cité judiciaire gestallt ginn?*
2. *Wéini kéinten d'Aarbechten am Gebai fréistens ufänken?*
3. *Ass scho gewosst wat fir e Budget dofir misst virgesi ginn?"*

Här President, ech soen Iech villmools Merci, datt dir dës Fro weiderleet a gréissen Iech héiflech.

André BAULER
Deputéierten